

Lëtzebuerg, de 26. Mäerz 2021

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

„D’Klibberen ass eng al Traditioun aus dem Elsass a vu Lëtzebuerg wou d’Kanner vu Gréngen Donneschdeg bis Ouschtersonndeg d’Kiercheklacken ersetzen a Moies, Mëttes an Owes mat hire Klibberen duerch d’Stroosse ginn.

D’Lëtzebuenger Wort schreift haut, datt déi Verantwortlech vun de Lëtzebuenger Massendénger derfir suerge wëllen, datt d’Klibberen op déi national Lëscht vum immaterielle Kulturierwen opgeholl gëtt. Dofir maachen si en Opruff un d’Bevëlkerung fir Dokumentatiounsmaterial ze kréien an hire Froebou op hirem Internetsite auszufëllen. Dës Initiative ass begréissenswäert a soll deementspriedend och ënnerstëtzt ginn.

An deem Kontext wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

- 1. Wéi steet d’Madamm Ministesch zu der Initiative vun de Lëtzebuenger Massendénger?*
- 2. Wier d’Madamm Ministesch bereet d’Klibberen op déi national Lëscht vum Kulturierwen opzehuelen? Wa jo, ënner wat fir enge Bedéngungen?*
- 3. Ass d’Madamm Ministesch bereet, de Promoteure vun dëser Initiative mat Rot an Dot zur Säit ze stoen an hinnen Experten, z.B. aus staatleche Verwaltungen, unzeginn, déi si an hirer Aarbecht begleede kënnen?*

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro weiderleet a gréissen Iech héiflech.

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'A. Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputéierten